N°3357
Entrée le 07.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3357 vum 17. Dezember 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Annulation d'un conseil communal".**

1. **Muss ee Gemengerot, deen aberuff gouf, seng Sitzung ofhalen oder dierf d'Sitzung virdrun, ouni Vott, annuléiert ginn?**

De Schäfferot huet d'Kompetenz fir de Gemengerot ze convoquéieren an déi Kompetenz beinhalt och déi, fir d'Convocatioun zréckzezéien, sou laang wéi d'Gemengerotssëtzung net vum President vum Gemengerot opgemaach ginn ass. Vun dem Moment un huet de Gemengerot selwer d'Maîtrise iwwert d'Sëtzung an iwwert den Ordre du jour[1]. De Gemengerot decidéiert an deene Fäll majoritär.

2. **Muss de Schäfferot an enger Sitzung zesummekommen an zesummen de Beschloss huelen, fi r eng Gemengerotssitzung z'annuléieren?**

D'Artikele 50, 51 an 52 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 gesi vir, dass de Schäfferot sou oft zesumme kennt wéi et néideg ass fir seng Affairen ze évacuéieren, dass seng Reuniounen am Gemengenhaus oder op all aner Platz à huis clos stattfannen an dass seng Decisioune majoritär geholl ginn. De Schäfferot ass deemno een Organ dat seng Decisioune just a kollegialer Form kann huelen.

3. **Wéi eng Reegele muss de Gemengerot respektéieren, fir eng Gemegerotssëtzung z'annuléieren?**

Ech verweisen op d'Äntwert op d'Fro 1.

4. **Am Kader vum Artikel 13, wéi bannent ass den Ordre du Jour nom Opstellen vum Schäfferot? Kann den Ordre du Jour just iwwert ee Vott am Gemengerot geännert gin?**

Den Ordre du Jour deen de Schäfferot determinéiert huet ass fix. Just am Fall vun enger Urgence déi vun der Majoritéit vun de Conseillere muss deklaréiert ginn, ass et méiglech fir ee Punkt op den Ordre du Jour bäizesetzen.

Ech verweisen och nach op d'Äntwert op d'Fro 1 well vun dem Moment u wou d'Sëtzung vum President opgemaach ginn ass, kann de Gemengerot majoritär decidéiere fir een oder méi Punkte vum Ordre du Jour rofzehuelen.

Lëtzebuerg, de 7. Januar 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden

[1] Robert Wilkin, Précis du droit communal, Bruylant 1959, n° 47, p. 61 : « Contremandement de la convocation. – La réunion du conseil n'a lieu que si le collège le décide. Aussi le collège peut-il, jusqu'au moment où la séance se tient, contremander la réunion. »